

## Endlech : D'Natureschoul op Youtube!

Gitt op Youtube eisen éischte Film kucken : De Marc als Imker bei eise Beien.

Hei de Link:

<https://www.youtube.com/watch?v=nHwTY-ASgxU&feature=youtu.be>

Wann der eise Film genee kuckt a gutt nolauschtert, fannt der all d'Äntwerten fir eisen neie Quiz.

1. Wéi eng Nummer huet d'Beiekëscht, di de Marc opgemaach huet?
  - 1
  - 2
  - 3
2. Wéi heescht den Apparat fir Damp ze man?
  - Smoker
  - Token
  - Poker
3. Wéi eng Foarf huet de Punkt, mat deem d'Kinnigin markéiert ass?
  - blo
  - gring
  - wäiss
4. Firwat picken d'Dronen net?
  - Si si méi léif wi di aner Beien.
  - Si hu kee Stachel a kënne guer net picken.
  - Si sinn ze liddereg fir ze picken.
5. Wéi transportéieren d'Schaffbeien den Nektar?
  - Am Hënneschten
  - Un de Been
  - Am Bauch
6. Firwat leet de Marc ee Gitter op di grouss Këscht?
  - Da kënne sech d'Beie vun uewen an ënnen net vermëschen.
  - Da kann d'Kinnigin net rop an den Hunnegraum.
  - Da bleiwen d'Beien all an där grousser Këscht.

